N°251
Entrée le 04.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 251 vum 30. Januar 2024 vun den Hären Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen iwwer d'Astellungskonditioune bei der CFL**

Den Astellungsbedarf am Métier vum/vun der Zuchbegleeder/in bei den CFL läit aktuell op der Héicht vun ca. 40 bis 50 ETP pro Joer.

An dësem Métier ass et an de leschte Jore besonnesch schwiereg ginn, genuch Kandidatinnen a Kandidaten ze fannen, déi esouwuel Lëtzebuergeschkenntnisser matbréngen, wéi och dem Rescht vun den Ufuerderunge vum Métier entspriechen, besonnesch am Beräich Sécherheet a Service um Client. Dëst ënner anerem wéinst der Nuets- a Sonndesaarbecht oder och der allgemenger Situatioun um Aarbechtsmaart.

Am leschte Grupp vun de realiséierten Astellungen, déi am Januar 2024 ugefaangen hunn, konnte just 3 Mataarbechter fonnt gi mat Lëtzebuergeschkenntnisser, déi interesséiert waren an och allen anere Krittären entsprach hunn.

Fir der Entwécklung vum Beruffsmangel vum/vun der Zuchbegleeder/in entgéint ze wierken, hunn d'CFL d'Viraussetzungen an de Sproochekompetenzen ugepasst.

Franséisch ass am Métier vum/vun der Zuchbegleeder/in op 3 vu 4 Réseauen, op deenen d'CFL operéieren, déi virgeschriwwe Sprooch laut jeeweileger nationaler Eisebunnsreegelung (FR-BE-LU).

Lëtzebuergesch ass a bleift fir d'CFL eng wichteg Sprooch, besonnesch am betribleche Zesummeliewen esou wéi am Beräich vum Service a Kontakt Client.

D'CFL recrutéieren zënter Joren an anere Beruffer Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi de Krittär "Lëtzebuergeschkenntnisser" net direkt bei der Astellung erfëllen. Fir der Wichtegkeet vun der Sprooch Rechnung ze droen, forméiert d'CFL dës nei Mataarbechterinnen a Mataarbechter intensiv am Lëtzebuergeschen wärend dem 1. Joer (Proufzait). Dobai ass de Noweis vum gefuerderte Niveau duerch Tester um Enn vun dëser Periode eng Konditioun fir fest agestallt kënnen ze ginn.

Däitsch ass am Eisenbunnsverkéier eng Ufuerderung um däitschen Territoire. De nationalen Trafic op der Linn 30 ass net vun der Konditioun betraff. All Zuchbegleederinnen an Zuchbegleeder, déi grenziwwerschreidend an Däitschland fueren, erfëllen dës Sproochekonditioun.

Den Uwerbungsprozess bei den CFL baséiert op klore Selektiounskrittären an Tester, déi eng objectiv an onparteiesch Entscheedung garantéieren. Lëtzebuergeschkenntnisser bleiwen beim Métier vum/vun der Zuchbegleeder/in een Atout, a sinn domat ggf. ee Virdeel, am Zesummespill mat den anere Krittären.

De Métier vum/vun der Zuchbegleeder/in entwéckelt sech weider, wéi och aner Beruffer bei den CFL, an domat och d'Krittäre vun der Auswiel déi bei der Astellung musse generell un d'Entwécklung vum jeeweilege Métier, an domat un d'Ufuerderungen, ugepasst ginn. Sou kann et och sinn, dass nei Kandidatinnen a Kandidaten op Kompetenze getest ginn, déi fréier net hu musse nogewise ginn.

Am Sécherheetsmétier vum/vun der Zuchbegleeder/in stellen d'Sproochekenntnisser nëmmen een Deel vun de Kompetenzen an Fäegkeeten duer, déi fir d'Ausübe vum Beruff noutwendeg sinn. Et ass duerfir generell net einfach fir déi passend Kompetenzen ze fannen. Dobäi kënnt dann déi virdru genannte Situatioun vun der Attraktivitéit vun Nuets- a Sonndesaarbecht um nationale Plang.

D'CFL déclaréiert all vakant Posten un d'ADEM. All Assignatioun gëtt consideréiert an op de etabléierte Krittären evaluéiert. D'CFL konnten och Mataarbechterinnen a Mataarbechter iwwert dee Wee astellen. Eng aktiv Zesummenaarbecht gëtt et doriwwer eraus um Plang vun Evenementer, déi d'ADEM organiséiert.

Lëtzebuerg, den 1. März 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes